DEMOKRATESCH PARTEI
Eechternoach

Eechternoach, den 11. August 2022

**<u>Betrëfft</u> : Froen un de Schäfferot**

Här Buergermeeschter, Di Häre Schäffen,

No den zwee (2) Baustoppen déi d'Ëmweltverwaltung an d'Waasserverwaltung um Chantier vum Chauffage urbain am ale Quartier Gare verhaangen hunn, freet d'DP Fraktioun no Transparenz an dësem Dossier a stellt op Basis vum Artikel 25 vum modifizéierte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 a vum Artikel 4 vun eisem Règlement d'ordre intérieur vum Gemengerot vun der Stad Iechternach folgend Froen un de Schäfferot:

1. De Gemengerot huet den 23. September 2019 en Avant-projet détaillé (APD) vun engem Chauffage urbain den op de Camping sollt kommen unanime gestëmmt. Den adaptéierte Projet niewent dem zukünftege Parkhaus ass dem Gemengerot net ënnerbreet ginn, sou dass et och ni zu engem neie Vott komm ass.

   1.1. D'DP Fraktioun freet dohier no enger Kopie, respektiv dem Accès op der Gemeng zu de neie Pläng, dem adaptéierten Devis a Cahier des charges vum Chauffage urbain?

   1.2. Hätt de Gemengerot, nodeems d'Constructioun net méi an den Hang vum Camping, mais à plat niewent d'Parkhaus kënnt, net e neien APD missten ofstëmmen?

   1.3. Ass d'Constructioun vum Chauffage urbain niewent dem Parkhaus vum Inneministère approuvéiert ginn ? Wa jo, wéini an op Basis vu wéi enge Pläng ?

2. Wéini si wéi eng Autorisatioune fir de Chauffage urbain niewent dem Parkhaus gefrot ginn ? A wat waren d'Reaktiounen an d'Echangë mat de jeeweilege Verwaltungen no den Demanden déi eragereecht goufen?

   2.1. D'DP Fraktioun freet no enger Kopie, respektiv dem Accès op der Gemeng zum kompletten Dossier d'autorisation mat der Ëmweltverwaltung.

   2.2. D'DP Fraktioun freet no enger Kopie, respektiv dem Accès op der Gemeng zum kompletten Dossier d'autorisation mat der Waasserverwaltung.

Eechternoach, den 11. August 2022

DEMOKRATESCH PARTEI

Eechternoach

2.3. An der Gemengerots-Sitzung vum 11. Januar 2022 war nach riets vun enger Commodo/Incommodo Prozedur. Ass des och gemaach ginn? Wa jo, freet d'DP Fraktioun och hei no enger Kopie, respektiv dem Accès op der Gemeng zu desem kompletten Dossier d'autorisation. Wa nee, firwat ass di Prozedur net gemaach ginn?

2.4. Ginn et weider Autorisatiounen déi am Kader vum Chauffage urbain gefrot an accordéiert gi sinn? Wa jo, freet d'DP Fraktioun och hei no enger Kopie, respektiv dem Accès op der Gemeng zum kompletten Dossier d'autorisation.

3. Wéi eng Leeschtung soll de neie Chauffage urbain hunn ? Kënnen niewent den ëffentleche Gebaier och privat Stéit a Betriber aus dem ale Quartier Gare, wou haaptsächlech nach mat Mazout gehetzt gëtt, vun der Zentral profitéieren?

4. An der Gemengerots-Sitzung vum 11. Januar 2022 ass och vun enger provisorescher Heizung geschwat ginn, déi fir d'Schoul/Maison relais a fir d'Sportshal vum Lycée kéint genotzt ginn, falls d'Constructioun vum Chauffage urbain net mat Zäite fäerdeg gëtt.

4.1. Kann d'Constructioun vum Chauffage urbain nach virun der Ouverture vun der Schoul/Maison relais an der Sportshal vum Lycée fäerdeg gestallt ginn? Mat wéi engem Timing rechent de Schäfferot?

4.2. Wat genee ass als provisoresch Léisung ugeduecht a mat wéi enger Capacitéit? Ass des provisoresch Heizung prett fir ze funktionéieren? Wa net, fir wéini kann des Alternative an den Asaz kommen?

5. Et gouf eis zougedroen, dass et um Terrain vum zukünftege Parkhaus, respektiv dem Chauffage urbain zu Echange de terrains mam Staat komm ass.

5.1. Kann de Schäfferot dat confirméieren oder infirméieren?

5.2. Wann dat stëmmt, hätten des Echangen net och misste vum Gemengerot gestëmmt a vum Inneministère approuvéiert ginn?

Merci am Viraus fir är Äntwerten.

Carole Hartmann a Marcel Heinen
DP-Gemengeréit